(s.) François Bausch, Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Bausch. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).*- Här President, op den éischte Bléck - an esou ass et och hei duergestallt ginn, zwar am exzellente Rapport - huet een den Androck, wéi wann et hei am Fong geholl nëmmen ëm eng legislativ, technesch Décisioun géif goen, an ech froe mech, ob wierklech all Member vun der Chamber heibanne gemierkt huet, dass et dat net ass, sondern dass mer iwwert den Inhalt schwätzen, an iwwert den Inhalt vun engem groussen Deel vun eiser Steierpolitik, vun indirekte Steieren, vun Akzisen an esou weider, mat deenen ee sech muss ausenanersetzen.

Ech fannen et zwar am Prinzip richteg, dass mer hei en extrat Gesetz stëmmen, well doduerch méi Transparenz entsteet, wéi wann dat am grousse Pak vum Budget matgestëmmt gëtt an et dann ënner Ëmstänn nach manner opfält. Mä wann een awer den Inhalt kuckt, da kann een aus menger Siicht eigentlech - aus eiser Siicht - net mat deem Gesetz d'accord sinn.

Éischtens emol wëll ech mech explizit deem uschléissen, wat den Här Bausch gesot huet, wat de Biofuel betrëfft. Ech war selwer nach Member am Nohaltegkeetsrot, wéi mer deen Avis eestëmmeg deemools ugeholl hunn, an dee méi wéi kritesch war, sondern dee wierklech ganz däitlech gesot huet: Biofuel, näischt! Guer net, guer net! Well eigentlech nëmmen negativ Effekter domat verbonne sinn, net nëmmen hei, sondern virun allem nach vill méi an den Entwécklungslänner. An da muss ee sech natierlech och froen: Wéi seriö ginn dann esou Avisë vun deem Nohaltegkeetsrot do geholl? Well do ass dann awer absolut keng Konsequenz draus gezu ginn.

Et gëtt fir mech en zweete Punkt, en zweet Beispill an deem Gesetz, wat mech dozou bréngt, dass ech muss dergéint stëmmen: Ënnert deenen Akzisen ass och déi berühmte Contribution sociale, dat heescht also, dee Sozialbäitrag fir d'Finanzéierung vum Beschäftegungsfong, och op dem Fuel, wou ech emol fir d'Éischt mengen, dass ee muss onbedéngt ënnerscheeden tëschent enger Akzisen- oder Steierpolitik mat enger ekologescher Steierungsfunktioun. Dat léisst sech rechtfertege mat enger gesondheetlecher Steierungsfunktioun. Dat léisst sech rechtfertegen, virun allem, wann d'Recetten dann zweckgebonne ginn.

Par contre, tëschent Bensinspräisser a Fonds pour l'Emploi - Beschäftegungsfong - besteet iwwerhaapt keen Zesummenhang. Ech sinn ausserdeem och der Meenung, dass Sozialausgaben haaptsächlech iwwer direkt Steiere finanzéiert solle ginn, an net iwwer indirekt Steieren oder Akzise mat dem Charakter vun indirekte Steieren, well déi ëmmer méi ongerecht si wéi direkt Steieren.

Ech fanne schlussendlech, wann een d'Zuele kuckt, wéi dee Beschäftegungsfong finanzéiert gëtt, da stellt een awer wierklech e risegen Déséquiliber fest tëschent deem, wat d'Entreprisë bäileeën, an deem, wat d'Consommateure respektiv d'Personnes physiques bäileeën iwwer hir Steieren am Joer 2009. Dat sinn also Compten, keng Previsiounen. Am Joer 2009 gëtt nëmmen zu 9% de Beschäftegungsfong finanzéiert iwwert d'Solidaritéitssteier op de Betriber, 9%! An zu iwwer 21% iwwert déi Contribution sociale hei, déi d'Leit bezuelen, wa se hire Fuel kafen, wat also d'Form vun enger indirekter Steier huet. Also mindestens zwee Grënn als Beispiller, fir géint dat Gesetz ze stëmmen!

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann. An elo kritt d'Wuert den Här Wirtschaftsminister.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Bon, ech soen am Numm vun der Regierung a virun allem mengem Kolleeg Finanzminister a mir selwer dem Gilles Roth Merci fir säi Rapport an och déi Explikatiounen, déi e ginn huet.

Ech wollt just nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer déi Diskussioun iwwer Biofuel viru 14 Deeg - mengen ech, wann ech mech gutt erënneren - hei haten, wou ech nach eng Kéier drop higewisen hunn, dass mir eng Obligatioun hu vun Énergies renouvelables am Transport eranzebréngen: 10%, dat ass kee Choix, dat ass eng Obligatioun, an dass een do net vill Méiglechkeeten huet. Et huet een déi vun der elektrescher Mobilitéit. Dat maache mer och.

Mä jiddweree weess, dass mir net muer d'ganzt Land hei mat elektreschen Autoe wäerte bevölkere kënnen an dass mer also forcéiert sinn, wa mer wëllen déi Direktiv anhalen, déi eng Obligatioun ass, dass mer also Biofuel - wéi och aner Länner – musse bäimëschen. An dass mir awer ënner eiser Presidentschaft - Här Bausch, loosst mech vläicht ausschwätzen! -, ënner eiser Presidentschaft 2005 derfir gesuergt hunn, dass endlech d'Kritäre vum Développement durable an de Choix vun deenen Agrofuel, wéi se och nach genannt ginn, erakomm sinn. Lëtzebuerg huet dat erabruecht. Dat war bis elo net dran. Et huet derfir gesuergt, dass elo Kritären ausgeschafft ginn, woubäi ech mat Iech d'accord sinn, dass et heiansdo - jee nodeem, wou et hierkënnt - un der Zertifikatioun hapert.

Dass dat net ëmmer esou prezis ka sinn, well ee jo net ëmmer weess, wou den Origine ass, dat gestinn ech gären an. Mä mir kucken awer wierklech, do wou et méiglech ass an esou wäit et och méiglech ass, d'Kommissioun ze ënnerstëtzen an hire Bestriewungen, derfir ze suergen, dass näischt esou passéiert. Dir kënnt och sécher sinn, dass et och vum Energeteschen hier kloer ass, dass Mais a Raps: All déi Geschichten do bréngen net ganz vill. Déi hunn herno fir d'Gewënnung am Fong geholl méi Energie verbraucht, wéi dat, wat se bréngen an hirer Energiekraaft.

Et ass am Fong geholl nëmmen den Ethanol, dee staark iwwert den Zocker eben, notamment a Brasilien, gefördert gëtt an do bis zu 50% vum Transport genotzt gëtt. Sou dass et am Fong geholl nëmmen den Zocker ass, deen eng aacht- bis zéngmol méi Valeur huet wéi Mais a Raps, an dass also den Ethanol gewënnbréngend aus Zocker dat Bescht wier, wat mer kéinte maachen.

Mä ech wier frou, wa mer déi Diskussioun vläicht net am Kader heivunner géife féieren, mä wa mer se kéinten nach eng Kéier - wann Der da gewëllt sidd - op enger anerer Plaz féieren. Ech hat geduecht, d'lescht Kéier hätte mer eis e bëssen doriwwer ausgeschwat, mä wann awer de Besoin ass, fir nach eng Kéier driwwer ze schwätzen, sinn ech bereet, dat ze maachen.

M. le Président.- Gutt, domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir komme vläicht zu der Motioun. Ech géif proposéieren, mir géife fir d'Éischt iwwer…

M. François Bausch *(déi gréng).*- … Här Minister…

M. le Président.- Jo, mä dat gehéiert jo zu der Motioun.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Neen, neen, ech wollt d'Parole après ministre froen.

M. le Président.- Jo.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Ganz kuerz! Ech wollt just drop hiweisen, datt den 31. Dezember dëst Joer e Rapport erauskënnt, dee sech mat den Effets indirects vun der Culture d'agrocarburants beschäftegt op europäeschem Niveau. An dann ass virgesinn, datt d'nächst Joer op Propositioun vun der Kommissioun an Zesummenaarbecht mam Europaparlament déi ganz Direktiv iwwerschafft soll ginn.

Dofir: Dat, op wat den Här Minister sech elo baséiert, déi Obligatioun, do wäerte wahrscheinlech am Laf vum nächste Joer zolidd Ännerunge kommen. Also, ech mengen, och an där Hisiicht gesäit een eigentlech, datt op europäescher Ebene e ganz kritesche Prozess am Lafen ass, fir déi ganz Logik ze hannerfroen.

M. le Président.- Gutt, ech géif elo proposéieren, datt mer géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6203 ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, géint 9 - neen - géint 8 Nee-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6203 est adopté par 51 voix pour et 8 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par M. Lucien Clement), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. André Bauler), Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann hei nach eng Motioun, déi vum François Bausch virdrun abruecht ginn ass. Wëllt een nach zu där Motioun Stellung huelen? De Minister, mengen ech, huet dat scho virdru gemaach. Jo…

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Mir kënnen déi do net akzeptéieren, well mir hunn am Moment eng Obligatioun, a wat nom 31. Dezember kënnt, dat kucke mer dann. Ech hu jo gesot, ech wier bereet, dann doriwwer ze schwätzen.

M. le Président.- Gutt, da géif ech proposéieren, datt mer iwwert déi Motioun ofstëmmen. Ech ginn dovun aus, datt den Här Bausch en elektronesche Vote freet. Mir…

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, wier et net méiglech, elo se hei…, amplaz se ofzelehnen, se vläicht an der Kommissioun awer ze diskutéieren, oder ass den Här Bausch domadder net averstanen?

M. François Bausch *(déi gréng).*- Jo, ech hu jo gesot, ech wier domadder d'accord, wann…

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Mä ech kann der Chamber net soen, wat se ze dinn huet!

M. le Président.- Also, ech mengen, hei gëtt de Vote gefrot, och vum Demandeur vun der…, vum Auteur vun der…

M. François Bausch *(déi gréng).*- Här President, ech hu gesot, wann d'Majoritéit awer d'accord wier, fir driwwer ze schwätzen, ech wier domadder d'accord. Also, ech wëll dat nach eng Kéier betounen.

M. le Président.- Ech hunn awer näischt esou eppes…

M. François Bausch *(déi gréng).*- Ech hunn dat och esou matkritt, dofir wëll ech nach eng Kéier betounen, datt de Wëllen zu der Diskussioun net bei eis net do ass!

M. le Président.- Här Bausch, ech hunn net vu Säit vun der Majoritéit iergendwéi verspuert, datt et géif an déi Richtung goen.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Ech och net, Här President, et erstaunt mech och net.

(Hilarité)

M. le Président.- Dofir proposéieren ech, datt mer elo iwwert déi Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, géint 13 Jo-Stëmmen an 8 Enthalungen.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 39 voix contre, 12 voix pour et 8 abstentions.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par M. Jean-Paul Schaaf), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert et Michel Wolter (Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel).

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 6153 iwwert d'Konte vum Exercice 2009. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Etgen an d'Madame Mutsch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

5. 6153 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2009

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

M. Félix Braz *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. De Projet de loi 6153 handelt vun de Statskonte vum Joer 2009. Dee Projet ass den 1. Juli vun dësem Joer an der Chamber déposéiert ginn an e berout op den Artikelen 104 an 105 vun der Verfassung, och op dem Gesetz vun der Cour des Comptes an och op dem Gesetz vum Budget a vun der Statskonta.

Dir wësst, datt am Joer 2009 d'Lëtzebuerger Ekonomie sech manner favorabel entwéckelt huet, wéi nach ufanks vum Joer 2009 sech dat erhofft gi war. Mir hunn um Enn vum Joer eng relativ staark Kontraktioun vun der Ekonomie kannt, vun 3,7% laut den Zuele vum Statec, déi en am Oktober 2010 publizéiert huet. Dat läit un de scho bal existenzielle Schwieregkeeten, déi de Bankesecteur kannt huet, an och un enger zimlech däitlecher Chute vun den

Exportatioune vun der Lëtzebuerger Ekonomie.

Deementspriechend ass zu Lëtzebuerg de Chômage gewuess, an déi budgetär Situatioun vum Stat huet sech zolidd degradéiert. De Stat, d'Regierung huet eng Politique de relance dergéintgesat, déi natierlech och zu enger Degradatioun vun den öffentleche Finanze gefouert huet duerch d'Augmentatioun vun den Defiziter am Joer 2009 an och duerch eng Augmentatioun vun der öffentlecher Schold.

D'Administration publique huet fir d'Joer 2009 e Besoin u Finanzement an der Gréisstenuerdnung vun 0,7% vum PIB, wat e Solde de financement négatif vu méi wéi 277 Milliounen Euro ausmécht, wat natierlech beträchtlech Montantë sinn, déi mer do am Joer 2009 kannt hunn.

Ech wëll net weider an den Detail vun deenen Analyse goen. Et gëtt genuch aner Dokumenter vum Statec oder vun der Cour des Comptes, oder beim Exposé des motifs vum Projet de budget fir d'Joer 2011, déi eng detailléiert Analys vun där Situatioun maachen. Et bréngt also näischt, se op dëser Plaz och nach eng Kéier ze widderhuelen.

Just e puer Zuelen, awer net ze vill, aus dem Kont vum Joer 2009. Mir hu bei de Recettes an Dépenses courantes en capital en Excédent de dépenses vu méi wéi 785 Milliounen Euro. Mir hu bei de Recettes et Dépenses pour ordre och e klengen Excédent vun den Dépensë vun 10,5 Milliounen Euro. Bei de Fonge gëtt et en Excédent vu Recetten an der Gréisstenuerdnung vun 310 Milliounen Euro.

Wat d'Entwécklung ubelaangt, am Laf vum Joer 2009, tëschent dem Budget définitif an dem Compte général, sou stellt ee bei de Recettë fest: bei de Recettes courantes e Minus vu 4,09%, bei de Recettes en capital e Minus vun 2,5%. Am Total vun de Recettë mécht dat an der Moyenne e Minus vu 4,08% manner Recetten.

Emgedréit ass et bei den Dépensen: Bei den Dépenses courantes sinn d'Dépensen ëm 2,87% méi héich am Kont ausgefall wéi virgesinn. A bei den Dépenses en capital, selbstverständlech duerch d'Interventioune vun der Regierung, do sinn d'Dépensen ëm méi wéi 18% geklomm am Kont par rapport zum Budget définitif.

Mir hu virgesi gehat, en Excédent vu Recettë vu 5,66 Milliounen Euro am Budget définitif. Mir clôturéieren awer d'Joer en fait mat engem Defizit vu 785,4 Milliounen Euro, wat eng Variatioun ass vu méi wéi 791 Milliounen Euro.

Dozou ass ze bemierken, dass laut dem Exposé des motifs vum Projet de loi eigentlech de Budget définitif mat engem Iwwerschoss vun 12,2 Milliounen hätt sollen ofschléissen. Do war allerdéngs den Impakt vun engem Gesetz vergiess ginn, wat 6,5 Milliounen Dépensë virgesinn hat. Et hätt een also missen déi ofzéien, sou dass den definitive Boni vu 5,7 Millioune gewiescht wier. Vu dass awer dat Gesetz net ëmgesat ginn ass an dësem Joer, sinn déi Zuelen trotzdeem, wéi se elo am Exposé des motifs stinn, awer richteg.

Dëse Projet de loi huet och en Artikel 2, dee behandelt en Oubli, awer en Oubli a substanzieller Gréisstenuerdnung vu 770 Milliounen Euro. En fait geet et do ëm d'Resultater vun de Comptes généraux vun de Joren 2006 bis 2008, déi en Total, e positiven Total vu 770 Milliounen ausweisen an déi sollten un eng Rei Fonds spéciaux affectéiert ginn. Dee Montant sollt am Projet de loi 6100, also de Budget fir d'Joer 2010, drastoen.

Aus Grënn, déi net méi ze retracéiere waren, ass dee Montant awer schlussendlech am Budget fir 2010 net opgedaucht, sou dass mer elo vum Kont profitéieren, fir d'Joer 2009, fir iwwert dee legale Wee eng Affectatioun vun deene Fongen an Héicht vu 770 Millioune virzehuelen.

Dat mécht also am Total bei de Recettes et dépenses courantes en capital en Total vun 8,89 Milliarden Euro, en Total vun Dépensë vun 9,68 Milliarden Euro. Dat mécht en Excédent de dépenses, wéi gesot, vu 785 Milliounen.

Et kënnt dann nach derbäi d'Affectatioun vun de Comptes généraux vun de Joren 2006 bis 2008 an Héicht vu 770 Milliounen. Dat mécht da mam Rapport de solde initial vu 462 Milliounen e Rapport de solde total vun 1,232 Milliarden Euro, déi mer dann am Kont definitiv festhalen.

Zu de Fonds spéciaux, Här President, do ass et esou, dass déi sech am Joer 2009 staark entwéckelt hunn, mat enger Progressioun vun 32%. Dat ass wäit méi wéi am Joer 2009, wou d'Progressioun nëmmen 9,65% war. Dat war net an där doter Gréisstenuerdnung virgesinn.

Et ass einfach esou, dass d'Recettë sech duerch d'Décisioune vum Joer däitlech méi héich entwéckelt hunn, wéi dat virgesi war, eng Hausse vun iwwer 28%, an d'Dépensë sinn och manner gewiescht a Gréisstenuerdnung vu 7,52%, wat deen zimlech däitlechen Iwwerschoss do erkläert. An deenen doten Zuele sinn déi 770 Milliounen, déi ech virdrun erwähnt hunn, nach net dran, am Début d'exercice, mä déi wäerten awer bei de Recettë vun 2009 selbstverständlech figuréieren.

D'Cour des Comptes huet an hirem Rapport, wéi och schonn d'lescht Joer, bemängelt, dass bei de Fongen eng Rei Informatioune géife feelen. Mir haten dat och d'lescht Joer schonn am Rapport vun der Comexbu opgeworf. Si bemängelen an der Cour des Comptes, dass wuel den Total vun de Recetten a vun den Dépensen opgelëscht gëtt, net awer den Detail vun den eenzelne Projete mat senger Evolutioun en cours d'année.

Dat huet sech vum leschte Joer op dëst Joer net geännert, op deem dote Punkt. Et ass duerfir och nach eng Kéier an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire diskutéiert ginn, och a Präsenz vum Minister, dee mat der Kommissioun der Meenung war, dass een dat awer sollt wierklech eng Kéier ausdiskutéieren an aus der Welt schafen, fir dass et tëschent Parlament a Regierung op deem dote Punkt keng Meenungsverschiddenheete gëtt an dass et och keng Ambiguitéiten a keng Malentenduë ka ginn.

Transparenz ass op béide Säite gewënscht, esou huet de Minister an esou huet och d'Kommissioun sech ausgedréckt, an duerfir ass eng Réunioun zustane komm, wou, nieft der IGF, de Minister, selbstverständlech d'Cour des Comptes an ech selwer als Rapporteur zesummesouzen, ufanks November, wou mer déi Punkten diskutéiert hunn. Mir mengen och, mir hätten eng Léisung fonnt. Ech kommen herno nach eng Kéier kuerz dorobber zréck.

D'Cour des Comptes huet awer och an hirem Rapport, wéi dat üblech ass, eng Rei Considérations particulières gemaach. Si huet sech fir d'Joer 2009 méi intensiv mat enger Kontroll vun de Rémunératioune vun all den Agente vum Stat beschäftegt. Dat gëtt, wéi gewinnt, gemaach op Basis vun engem Échantillon. Déi Rémunératioune vun den Agente vum Stat maache schonn en décken Deel vun den Dépensen aus. Do geet et ëm e Montant vu ronn 1,7 Milliarden. Dat ass eng Progressioun, déi zolidd ass, och par rapport zum Joer 2007. Also, bannent zwee Joer war déi Progressioun vu méi wéi 17%; dat ass also net näischt.

Et sinn am Ganzen 2.328 Dossiere vun der Cour des Comptes ënnersicht ginn. Et goufen eng Rei Onregelméissegkeeten, déi awer an engem Débat contradictoire wierklech bal alleguerte konnte gekläert ginn. Schlussendlech si just nach bei 77 Dossiere vun deenen 2.328 Contestatioune bliwwen, déi d'Cour des Comptes net am leschten Detail schlussendlech konnt beleeën oder widderleeën.

Et bleift ze soen, dass dat e wesentlech bessert Resultat ass verglach mat deemselwechten Exercice am Joer 2007, wat sech awer och doduerch erkläert, dass am Joer 2007 deen neie SAP-Programm agefouert gi war an do nach eng Rei Paramétragen net richteg fonctionnéiert hunn. Duerfir waren an deem Joer 2007 wesentlech méi Feeler au départ festgestallt gi wéi 2009. Déi sinn awer elo gréisstendeels behuewen, sou dass d'Kommissioun keng aner Observatiounen dozou ze maachen hat.

Zwou lescht Remarquen, déi eis als Kommissioun awer wichteg sinn: Dat ass de Respekt och vun Délaien. Den Délai vum Dépôt vum Projet de loi, deen an de leschte Joren - dat ass den 31. Mäerz - net konnt agehale ginn. Do huet de Minister och d'Zouso gemaach, dass e wéilt ab deem nächste Joer derfir suergen, dass sämtlech Zuelen, och ënnert dem Drock vum Semestre européen, wesentlech méi fréi sollen um Dësch leien, wat et och der Regierung misst erlaben, de Projet de loi an den Délaien d'nächst Joer ze déposéieren.

Et gouf och en Accord tëschent der Regierung, dem zoustännege Minister an der Kommissioun, wat d'Qualitéit vun den Informatioune betrëfft, déi mussen déposéiert ginn. Mir wëllen eis do ulehnen un déi Zuelen, déi mam Volume 1 vum Statsbudget publizéiert ginn. Do ass ëmmer eng Annex hannendrun, déi am Detail iwwert de Contenu vun de Fonge renseignéiert.

Opbauend dorobber wëlle mer och aktualiséiert Zuelematerial hunn, dat da beim Dépôt vum Projet de loi iwwert de Compte général soll an Zukunft mat derbäileien. Domadder wier dem Wonsch vun der Cour des Comptes, deen d'Kommissioun ënnerstëtzt, Rechnung gedroen, dass déi Zuele méi komplett wieren. Dat ass natierlech eng positiv Entwécklung an dat misst dozou féieren, dass mer da fir d'Lescht iwwert deen doten Ëmstand hei diskutéiert hunn.

Lescht Remarque betrëfft den Artikel 77 vum Kontabilitéitsgesetz, wou sämtlech Départements ministériaux d'Verflichtung hunn, am Rhythmus vun all dräi Méint d'IGF en détail ze renseignéieren iwwer hir Engagementer. Dat huet och bis elo net ëmmer geklappt. Mir mengen awer als Kommissioun, dass dat awer en net onwesentlechen Deel ass vun der Transparenz vun der Exécution budgétaire. An duerfir wëlle mer och op deem dote Punkt, dass dat d'nächst Joer besser klappt.

Mir hunn nach eng Motioun gemaach, Här President, als Comexbu, an deem dote Sënn, wou mer déi Saachen do opwerfen. Déi Motioun gëtt gedroe vun de véier Fraktiounen a vun der Sensibilité ADR an och vum André Hoffmann vun déi Lénk.

Do setze mer eis ausenaner mat deem Artikel 77, mam Délai vum Dépôt vum Projet de loi, awer och, Här President, mat engem Rapport, deen eis dës Woch vun der Cour des Comptes virgestallt ginn ass, deen d'Qualitéit vun der Planifikatioun vun der Recette fiscale betrëfft. Déi ass net optimal. Et gëtt relativ staark Variatiounen tëschent der Planifikatioun a schlussendlech der Exekutioun. Do gesäit d'Cour des Comptes an der Haaptsaach Faiblessë bei der Modélisation économique, déi deene Prognosen zugronn läit. A si gesäit och Faiblessen an der Struktur vun deenen, déi sech domadder solle beschäftegen.

D'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire proposéiert duerfir, éischtens, der Regierung, dass se soll derfir suergen, dass et an Zukunft eng besser Modélisation économique an där heiter Matière ka ginn. A mir fuerderen och d'Regierung op, d'Kreatioun vun engem Comité de prévision ze envisagéieren - do muss natierlech nach vill drop geschafft ginn op deenen Detailer -, deen als Aufgab hätt, eng besser Koordinatioun vun den Informatiounen ze maachen a vun de Previsiounen ze maachen, wat d'Recette fiscale betrëfft.

An - dat ass eis wichteg als Kommissioun -, dass bei der Kompositioun vum Comité de prévision dofir soll opgepasst ginn, dass à la fois seng Performance garantéiert ass an awer och seng Onofhängegkeet garantéiert muss sinn. Dat ass e wichtegen Deel vun der Kredibilitéit vun deem Gremium, mä do wäerte mer an den nächste Méint a Joren doriwwer ze diskutéiere kréien am Detail.

Mä d'Motioun, wéi gesot, Här President, gëtt gedroe vun all de Kräften hei am Parlament.

Ech soen Iech Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que des écarts importants dans certaines catégories d'impôts entre la planification et la réalisation ont été notés ces dernières années avec des plus- ou moins-values de recettes considérables;

- que la Cour des Comptes, en application de l'article 5, paragraphe (2) de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes, a prévu dans son programme de travail pour l'exercice 2009 un contrôle portant sur la qualité de la planification des recettes fiscales;

- que le rapport spécial de la Cour des Comptes concernant la qualité de la planification des recettes fiscales a été présenté à la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire en date du 29 novembre 2010;

- que la Cour des Comptes estime dans ses conclusions que la panification fiscale présente des faiblesses au niveau de la comptabilité et des techniques de prévision;

- que la Cour des Comptes estime dans ses conclusions qu'une élaboration du budget des recettes basée sur une modélisation macroéconomique fondée n'est pas possible au stade actuel;

- que la Cour des Comptes estime dans ses conclusions que la détermination du bien-fondé économique de mesures fiscales nouvelles est rendue hasardeuse;

- par ailleurs que l'article 11 de la loi modifiée sur la comptabilité de l'État du 8 juin 1999 selon lequel «pour le 31 mai au plus tard le projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice précédent est déposé à la Chambre des Députés et transmis à la Cour des Comptes» n'a pas été respecté au cours des dernières années;

- que le Ministre des Finances a annoncé devant la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire qu'il allait s'efforcer à ce que le délai imposé soit respecté à l'avenir (réunion du 20 septembre 2010);

- que d'après la Cour des Comptes, les obligations inscrites à l'article 77 de la loi modifiée sur la comptabilité de l'État du 8 juin 1999 selon lequel «les départements ministériels communiquent à la fin de chaque trimestre à l'Inspection générale des finances un état exhaustif des engagements contractés au cours de l'exercice et des engagements à prévoir pour l'exercice en cours et pour les exercices suivants ainsi qu'un relevé des dépenses liquidées à charge des fonds spéciaux et relevant de leur compétence» ne sont pas suivies alors qu'elles permettraient à l'Inspection générale des finances d'avoir une vue d'ensemble sur les engagements juridiques de l'État ayant une incidence sur le budget de ce dernier;

invite le Gouvernement

- à mettre à la disposition des administrations fiscales les moyens nécessaires pour asseoir leur planification sur une modélisation économique performante;

- à envisager la création d'un comité de prévision chargé de la coordination des travaux de prévision et de l'élaboration des prévisions de recettes fiscales afin, entre autres, de servir l'élaboration du projet de budget des recettes de l'État;

- à lui assurer, à travers sa composition, son efficacité et son indépendance;

- à rendre possible l'évaluation du projet de loi portant règlement du compte général dans les meilleurs délais possibles.

(s.) Félix Braz, Fernand Etgen, Gast Gibéryen, André Hoffmann, Lucien Lux, Jean-Louis Schiltz.

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Fernand Etgen *(DP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, virewech wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Félix Braz, Merci soe fir säi prezise schréftleche Rapport an och säin engagéierte mëndleche Rapport.

Ech wëll just insistéieren, datt et fir d'Éischt ass, datt mer et fäerdeg bruecht hunn, datt d'Konte vum Virjoer virum Budget gestëmmt ginn. Dat wor jo och eent vun den Ziler vun der Reform iwwert d'Statskontabilitéit.

Leider huet d'Regierung et net fäerdeg bruecht, de Projet de loi an den Délaien, wéi se am Gesetz virgesi sinn, ze déposéieren, sou datt fir d'Avisë vun der Cour des

Comptes a vum Conseil d'État wéineg Zäit blouf. Grad duerfir wëll ech der Cour des Comptes an och dem Conseil d'État Merci soe fir hir prompt Aarbecht op där enger Säit, an op där anerer Säit d'Regierung bieden, sech an der Zukunft un d'Gesetz ze halen.

Als DP ass eis vill dru geleeën, datt d'Debatt iwwert d'Konte keen Exercice de style däerf ginn, mä muss och als Basis dénge fir de Budget. An dësem Sënn muss ee bedaueren, datt d'Recetten 2009 ëm 378 Milliounen ënnerschat gi sinn an iwwer 413 Millioune méi Dépensen ugefall sinn. De Budget war mat engem Boni vu 5,7 Milliounen ausgaangen a schléisst mat engem Defizit vu 785 Milliounen of.

Dat heescht net méi an net manner, datt mer op d'Käschte vun der nächster Generatioun liewen. D'Scholde vun haut musse vun de kommende Generatiounen zréckbezuelt ginn. D'Steiererhéijunge vun haut musse vun de Steierflichtege vu muer berappt ginn.

Zum Schluss wëll ech nach d'Fro opwerfen, firwat nach ëmmer keen „screening" gemaach ginn ass, esou wéi de Rapporteur vum Budget, de Kolleeg Lucien Thiel, dat verlaangt hat - eng Fuerderung, déi déi honnertprozenteg Ënnerstëtzung vun eiser Fraktioun fënnt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Etgen. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch agedroen. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Merci, Här President. E puer Virbemierkungen zu der Form: De Gesetzesprojet ass den 1. Juli 2010 an der Chamber deponéiert ginn. Also awer mat engem Mount Verspéidung par rapport zur Limite vum 31. Mee, sou wéi dat eigentlech am Kontabilitéitsgesetz virgesinn ass. Trotzdeem - an ech mengen, dat ass nach méi wichteg hei ze soen - ass ze begréissen, dass et dës Kéier méiglech war, an ech mengen, et ass déi éischte Kéier, fir dee Projet de loi ze evakuéieren, ier mer de Projet de budget fir 2011 hei virgestallt kréien an och ier de Rapporteur säi Budgetsrapport presentéiert. Dat heescht, déi Donnéeë louchen dës Kéier esou vir, dass se awer konnten an déi Aarbechte mat afléissen. Dat schéngt mer eng ganz wichteg Virremarque ze sinn.

Am Résumé soe jo souwuel d'Cour des Comptes wéi och de Statsrot an och d'Finanzkommissioun, an a sëlleche Budgete gouf dat dokumentéiert, dass de Gesetzesprojet eigentlech ze vill dürfteg ass, fir eng wierklech Analyse de fond vun de Statskonte kënnen ze maachen.

An hirem Rapport général fir 2008 hat d'Cour des Comptes geschriwwen - an ech zitéieren: «Dans son rapport général sur le projet de loi portant réglement du compte général de l'État de l'exercice 2008, la Cour avait rendu attentif au fait que les informations fournies au compte général de l'État était très sommaires (…). Cet état des choses ne s'étant pas amélioré avec le compte général sous rubrique, la Cour doit réitérer son constat qu'elle se trouve dans l'impossibilité de faire une analyse approfondie des comptes de l'État.»

De Statsrot gräift dat jo dann och op, an e schreift dann: «…insiste sur ce que le projet de loi, qui portera réglement du compte général de l'exercice 2010, retrace de manière détaillée les comptes de l'État, afin de permettre à la Cour des Comptes d'exercer pleinement les attributions lui conférées (…).»

Bon, d'Finanzkommissioun huet zeg Kéieren och a Präsenz vum Budgetsminister gesot, dass et fir si ganz wichteg ass, dass d'Gesetz vun de Konte méi ass wéi en einfachen Exercice comptable, well et jo awer trotzdeem drëms geet, fir ze renseignéieren iwwert d'Resultater vun der öffentlecher Politik, déi en œuvre gesat gëtt mat deene Finanzmëttelen, déi hir zur Verfügung stinn.

Elo dann zu der Saach selwer oder zum Contenu. De Kont 2009 schléisst mat engem Defizit vu 785 Milliounen Euro of, amplaz am Équiliber ze sinn, esou wéi de Projet et virgesinn hat.

D'Ursaach ass eng ganz einfach, oder eng ganz komplex: D'Finanzkris huet am Hierscht 2008 zougeschloen, ier de Budget opgestallt ginn ass, an d'Regierung huet trotzdeem un hirem Budget festgehalen, andeem se gesot huet, grad elo brauche mer e Budget vum Vertrauen, an d'Chamber huet déi doten Démarche matgedroen.

Duerch d'Kris sinn dunn alleguer déi ekonomesch Parameteren op d'Kopp gehäit ginn; méi schlëmm, wéi een 2008 nach gemengt oder gehofft hat. Esou dass op där enger Säit manner Recetten erakomm si wéi gemengt - iwwer 370 Millioune manner Recetten, notamment Konsumsteieren, TVA, Akzisen, Taxes d'abonnement - wéinst de Bourssen, an Droits d'enregistrement - wéinst der Ofschafung vum Droit d'apport.

An op där anerer Säit sinn eng Rei lafend Dépensen an d'Luucht gaangen: iwwer 370 Milliounen, wou entweder d'Stabilisateurs automatiques gespillt hunn, oder déi direkt mat der Ëmsetzung vum Konjunkturpak ze dinn haten, notamment am Beräich vun der Beschäftegungspolitik an am soziale Beräich - zum Beispill d'Allocation de vie chère -, wat enorm dozou bäigedroen huet, déi sozial Konsequenze vun der Kris méiglechst kleng ze hale fir déi, déi et am meeschte getraff huet.

Konklusioun: Och antizyklesch Politik huet, zumools am Réckbléck elo op d'Kontesituatioun 2009, hire Präis: 785 Milliounen.

Mir sinn awer 2009 an och 2010 an den Ae vun der LSAP goldrichteg gewiescht als Virgehensweis. Déi richteg Akzenter setzen heescht net, dass mer an Zukunft net awer, an dat gouf x Kéieren op dëser Tribün gesot, eng budgetär Disziplin mussen hunn, wat eis Dépensen ubelaangt.

Bon, eis Konklusiounen: Mir droen natierlech dat heite mat, ëmsou méi mer jo eng gemeinsam Motioun virleien hunn, wou mer eis freeën, dass d'Regierung den Engagement geholl huet, dass se de manière exhaustive an der Zukunft iwwert d'Evolutioun vun de Recetten an Dépensen Opschloss gëtt, fir dass mir hei an der Chamber eis Aarbecht nach kënne besser maachen.

Ech soe Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Mutsch. D'Wuert kritt elo den Här Finanzminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Här President, ech géif fir d'Éischt gären dem Här Braz als Rapporteur Merci soe fir seng Commentairen, säi Rapport, gradesou wéi deenen anere Kolleegen, déi intervenéiert sinn. Ech hunn als Finanzminister hei festzestellen, datt ech a komplettem Accord si mat deem, wat d'Finanz- oder d'Budgetskontrollkommissioun zu deene Konte seet. Ech géif just wëllen dräi Observatioune maachen.

Déi éischt, dat ass fir ze soen, datt mer 2009 d'Dépensen, d'Hors-de-Krisendépensen, absolut am Grëff haten. Dat heescht, de Budget ass quasi millimetergenau esou exécutéiert ginn, wéi e vun der Chamber gestëmmt gi war. Wat bäikomm ass - an dat hu jo och verschidde Riedner gesot -, wat bäikomm ass, sinn aussergewéinlech Dépensë fir d'Kris, insbesondere fir de Fonds pour l'Emploi a fir de Konjunkturprogramm.

Eng zweet Remarque ass déi betreffend de Kont selwer. Ech huelen, wéi gesot, all déi gutt Suggestiounen, déi mer jo och zum Deel gemeinsam ausgeschafft hunn, mat op de Wee. Ech wëll Iech just soen, datt de Finanzminister e spuersame Mënsch ass, an datt een och muss zesummeleeën dat, wat een a verschiddene Riede seet. Et kann een net soen, de Stat soll keng Leit astellen, e soll seng Dépenses courantes am Grëff behalen, an zugläich hutt Dir mir haut am Fong d'Autorisatioun ginn a mech opgefuerdert - kleng gerechent -, fënnef bis zéng Leit anzestellen.

Ech soen Iech, datt de Kont a mengem Ministère vun engem Beamte gemaach gëtt, an doduerch gesäit dat Dokument vläicht e bësse kleng aus. Do sinn déi Donnéeën dran, déi ee brauch. Wann een natierlech wëllt méi déck Volumë schreiwen, da muss een och dofir déi noutwendeg Leit sech ginn, an dat huet natierlech e gewëssene Präis.

Ech sinn awer d'accord mat der Chamber, datt et fir d'Kontroll besser wier, mir hätte méi voluminéis Dokumenter. Ech hunn dann natierlech just och de Wonsch, datt déi Dokumenter net nëmmen heibannen, mä och dobausse gelies ginn, well ech stelle fest, mir hunn elo dräi Volumë beim Budget; wann ech awer dobausse mat de Leit iwwert den drëtte Volume am Budget schwätzen, stellen ech ganz oft fest, souguer bei deenen, déi dat kommentéiere sollen, datt deen drëtte Volume - dee ganz vill Aarbecht ass fir déi, déi e schreiwen - net enorm vill gelies gëtt.

Mä nach eng Kéier, ech si mat der Chamber d'accord, datt mer d'nächst Joer versichen, de Kont méi exhaustif ze maachen, a mir wäerten dat personell dann deementspriechend mussen ausbauen.

Déi drëtt Remarque betrëfft d'Motioun, an och insbesondere dat, wat dosteet iwwert dee Comité de prévision. Ech sinn d'accord am Numm vun der Regierung mat där Motioun, wëll just awer drop hiweisen, datt ech mengen, datt ee sech dat muss an all sengen Elementer nach e bësse méi iwwerleeën.

Ech hunn notamment eng generell Méfiance vis-à-vis vun deem Wuert, wat esou liicht gebraucht gëtt, vun der „Indépendance" vun all méigleche Comitéen. Mir hunn déi Diskussioun fir de Moment och zu Bréissel, wou et quasi zu engem System soll kommen, wou souwuel den europäesche wéi den nationale Budget herno nach just géif gemaach gi vun onofhängege Comitéen.

D'Politik - dat si mir all, mir hunn e Mandat kritt vun de Wieler fir fënnef Joer -, déi ass och zoustänneg, fir opgrond vu Fakten, déi natierlech d'Verwaltungen eis ginn, eng Estimatioun ze maachen. Mä et ass un der Politik, un der Chamber, op Propositioun vun der Regierung, fir ze décidéieren, ob d'Aschätzung vun den Einnahmen déi richteg ass oder net.

Duerfir nach eng Kéier, mir mussen eis sécherlech besser Modeller gi fir d'Estimatioun vun de Recetten. Mir mussen eis besser Methode ginn. Mir sinn och do amgaang ze kucken, wéi mer dat kënne maachen. Ech sinn och net grondsätzlech géint esou e Comité, mä et ass ëmmer nach un der Politik, un der Chamber en fait, ze décidéieren, wéi opgrond vu Fakten, déi se geliwwert kréien - wat awer och vill Hypotheese sinn -, d'Steiere richteg anzesetzen sinn, richteg: wat ëmmer bei de Steieren eng Estimatioun, also eng gewësse Subjektivitéit mat sech zitt.

Wéi gesot, dat Wuert „Indépendance" géif ech entweder proposéieren, aus der Motioun erauszehuelen, oder awer op d'mannst ze erlaben, datt, wa mer doriwwer diskutéieren zesumme mat der Chamber an deenen nächste Méint, mer nach eng Kéier eng Reflexioun maachen, wien an esou engem Comité soll sëtzen.

A wéi gesot - nach eng Kéier -, fir d'Regierung ass et un der Politik, de Budget ze maachen, an d'Recetten ass d'Halschent, eng Säit vum Budget, an déi solle mer dofir och gemeinsam an der Politik behalen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Finanzminister. Den Här Braz freet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Félix Braz *(déi gréng), rapporteur*.- Jo, fir zwou Remarquen, déi éischt zu der Motioun: Mir hunn den Text esou verstanen, dass en ebe keng Fait-accomplië schaaft, wat d'Kompositioun betrëfft, dass et ebe justement par rapport zu deem, wat mer bis elo gemaach hätten an där Matière, keng Festleeung soll ginn op eng Kompositioun. Déi solle mer ebe grad zesummen diskutéieren. Dofir steet do „envisager", an et steet eben net do, dass mer dat Bestehend scho wëllen zementéieren, mä dass mer wëllen driwwer diskutéieren. Et ass also esou ze verstoen, mengen ech, dass mer eis kéinten eens sinn.

Zweet Remarque, Här President, ier mer zum Vote kommen: Ech wëll op eng Erreur matérielle nach am Rapport hiweisen. Op der Säit sechs gëtt am drëtten Alinea verwisen „à l'instar du volume II qui accompagne le projet de budget de l'État". Dat soll natierlech heeschen „du volume I"; dass mer en dann esou mat där klenger Korrektur zum Vote stellen.

M. le Président.- Merci. Nach eng Kéier huet den Här Finanzminister d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Ech soen dem Här Braz Merci fir déi zousätzlech Prezisiounen. Ech soe just, dat Wuert „envisager" steet bei Ärem zweeten Tiret, an net beim drëtten, an duerfir hat ech net verstanen, datt deen „envisager" sech och géif op den drëtte Punkt bezéien.

M. Félix Braz *(déi gréng), rapporteur*.- Jo, jo, et sollt ze diskutéiere sinn.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Wann dat sech also och dorobber bezitt, da kann ech domadder liewen.

M. le Président.- Gutt, domadder wiere mer um Enn vun dëser Diskussioun a mir kommen elo fir d'Éischt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6153 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen an 1 Enthalung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Félix Eischen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt een déi Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Vote sur la motion 1

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun. Kënne mer déi à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wien ass mat dëser Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn. Domadder wier dann och dës Motioun ugeholl.

Mir kommen dann elo zu de Chamberskonte vum Joer 2009. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Félix Braz. Den honorabelen Här Carlo Wagner ass Rapporteur a presentéiert eis elo d'Konten.

6. 6223 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2009

Rapport de la Commission des Comptes

M. Carlo Wagner *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,